N°4252
Entrée le 17.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Am Luxemburger Wort vum 13te Juni ass an engem Gastbeitrag mam Titel „Das Versagen der luxemburgischen Verkehrspolitik am Beispiel Kordall" geschriwwe ginn, datt de Mobilitéitsministère bereet wier, op Ufro vum Dippecher Schäfferot op d'Ëmgéiungsstrooss fir Dippech ze verzichten. Esou eng Decisioun hätt direkt Konsequenze fir d'Verkéierssituatioun an de betraffenen Uertschaften, notamment fir d'Awunner:innen vun der Gemeng Dippech an och fir déi regional Verkéiersplanung am Süde vum Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass de Mobilitéitsministère bereet ass, fir op ee Contournement fir Dippech als Prolongement zum Contournement Käerjeng ze verzichten?

2. Stëmmt et, dass esou eng Ufro vum Dippecher Schäfferot gestallt ginn ass? Falls jo, ass dës Ufro formell gestallt ginn a falls jo, wéini?

3. Falls déi vireg Froen affirméiert kënne ginn, bedeit dat, dass Dippech kee Contournement kritt, deen un dee Käerjenger Contournement ugeschloss gëtt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Zu wéi engem Zäitpunkt gouf am Mobilitéitsministère eng Decisioun getraff, fir op eng Ëmgéiungsstrooss fir Dippech als Prolongement vum Contournement vu Käerjeng ze verzichten, de Projet unzepassen oder en net weiderzeverfollegen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten